



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Op Nationalfeierdag hänken d'Lëtzebuenger an och déi staatlech Verwaltungen traditionell de Lëtzebuenger Fändel eraus. Vill Gemenge ruffen all Joer d'Vollek dozou op, fir de Fändel erauszehänken. Dëst Joer ass awer opgefall, dass esou wéineg Fändelen ze gesi ware wéi wuel zënter dem 2. Weltkrich net méi. Besonnesch opgefall ass och, dass staatlech Verwaltungen, öffentlech Ariichtungen, Lycéeën, Schoulen asw. kee Fändel méi erausgehaangen hunn.

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un den Här Staatsminister:

1. Gëtt et Uweisung sätens der Regierung, fir op Nationalfeierdag de Fändel erauszehänken?
2. Kann d'Regierung erklären, firwat dat op ville Plazen net méi gemaach gëtt?
3. Wéi eng Méiglechkeete gesäit d'Regierung, fir dës Traditioun an den nächste Joren erëm méi staark ze fërderen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten